

dans l'éducation préscolaire ou dans l'enseignement primaire que dans le respect des dispositions de l'article 9."

(s.) Aloyse Bisdorff.

Dofir, Här President, froen ech lech, dass ech nach e puer Minutten an eegener Saach kéint kréien.

Haut ass et fir d'lescht, dass ech op dëser Tribün stinn. Et ass bekannt, dass déi Lénk de Rotatiounsprinzip applizéieren. Doriwwer eraus ginn ech op meng 70 Joer hin, sou dass de Schrëtt, fir aus dësem Gremium zrëckzetrieden, ubruecht ass. Ech wëll dat fir d'Enn vun dësem Mount maachen. Dofir kritt Der d'nächst Woch e Brëif vu mir an dësem Sënn.

Ech wëll dës Tribün, Här President, awer net verloossen, ier ech lech merci gesot hunn fir déi Aart a Weis, wéi Der d'Debatten an dësem Gremium gefouert hutt - an ech hoffen, an Zukunft och nach féiere wäert -, och besonnesch vis-à-vis vu mir, wou Der net pingeleg, pedantesch waart, wat déi beschränkt Riedezäit ubelaangt, déi ech als eenzelnen Deputéierten nëmmen zegutt hat. Är flexibel a verstänneg, oft humorvoll Féierung vun den Debatten huet d'demokratesch Diskussioun ëmmer favoriséiert an och d'Recht vum Deputéierten, hei op der Tribün seng Meenung ze soen, zum Ausdrock bruecht.

Ech denken, dass Der déi nämlecht Haltung och vis-à-vis vu mengem Nofolger wäert hunn. De Kollege vum Plenum bestätegen ech, dass trotz prinzipieller Meenungsverschiedenheeten d'Debatten ni a perséinlech Animositéit oder Verunglimpfungen ausgeart sinn. Jidderengem wënschen ech, dass déi Hoffnungen, déi e bei sech selwer dréit, wat déi nächst Wahlen ubelaangt, an Erfëllung ginn. Zum Schluss wëll ech och mäi Luef un d'Chamberpersonal riichten, wat de Wësch vun den Deputéierten ëmmer opgeschloss war an disponibel war, fir hinne bei hirer Aarbecht ze hëllefen.

Voilà, dat war et, Här President.

(Applaudissements)

5. Paroles d'adieu à M. le Député Aloyse Bisdorff

M. le Président.- Léiwe Kollege Aloyse Bisdorff, mir sinn natierlech alleguerten traureg, dass Der eis verloosst, well Der hutt an där Zäit, wou Der hei an der Chamber waart op der Oppositiousbänk, eng gutt Aarbecht geleescht. Dir hutt bal zu all Projet geschwat, an ëmmer e wäertvolle Beitrag zu eisen Debatte geleescht. Ech mengen, datt mir lech dat alleguerten héich urechnen, an esou e gudder Souvenir vun Ärem Passage hei an der Chamber behalen.

Ech sinn iwwerzeegt, datt der Ären Nofolger gutt virbereet hutt, well en och un lech jugéiert gëtt. Mir wënschen

lech elo méi eng roueg Zäit a virun allem och all Guddes fir d'Zukunft.

Villmools merci!

(Applaudissements)

Mir fueren da weider mat eisem Ordre du jour. D'Wuert kritt elo d'Mme Erziehungsminister Anne Brasseur.

6. Projet de loi 4893 portant

1. fixation des modalités d'une formation offerte aux chargés de l'éducation préscolaire ou de l'enseignement primaire;
2. création et organisation d'une réserve de suppléants pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire;
3. ajout d'un alinéa 2 à l'article 4 de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;
4. modification des articles 30 et 41 de la loi du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;
5. abrogation de l'article 16 de la loi modifiée du 5 juillet 1991 portant:
 - a) fixation des modalités d'une formation préparant transitoirement à la fonction d'instituteur;
 - b) fixation des modalités d'une formation préparant transitoirement au certificat de qualification de chargé de direction;
 - c) création d'un pool de remplaçants pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire
 - d) dérogation à la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

(Suite)

Discussion générale (Suite)

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ier ech d'Wuert ergräifen zu dem Projet de loi, wëll ech mech Äre Wierder, Här President, à l'adresse vum Här Aloyse Bisdorff uschléissen. Ech maachen dat a mengem perséinlechen Numm, mä och am Numm vun der Regierung.

Perséinlech kann ech soen, dass ech wierklech am Laf vu ganz ville Jore konnt apprécieren, wéi vill den Här Bisdorff geschafft huet. Hie konnt net op eng Fraktioun zrëckgräifen, en huet missen an alle Kommissiounen, wou e war, selwer sech an d'Matière schaffen. Dat ass eppes, wat ech ëmmer bewonnert hunn. Ech hunn am Fong fonnt, mir missten ons all e gutt Beispill un him huelen.

Den Här Bisdorff huet elo grad gesot, am Alter vu 70 Joer géif e sech zrëckzéien. Ech muss em soen, da kann ech him nëmmen e Kompliment maachen: E schéngt ee Geheimnis fir seng Form ze hunn, an dat ass d'Aarbecht. Dat soll ons all och e Beispill sinn.

Här Bisdorff, villmools, villmools merci fir déi geleeschten Aarbecht. Et war flott, mat lech kënnen zesummen ze schaffen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, dee Projet de loi, dee mer hei diskutieren haut de Mëtteg, huet natierlech am Virfeld zu ville Kontroverse geféiert. Ech wëll awer ausdrécklech all deene merci soen, déi intervenéiert sinn zu dësem Projet, fir d'éischt emol der Rapportrice, d'Mme Durdu, déi eng excellent Aarbecht gemaach huet, wéi se dat och schonn als Rapporteur bei anere Projekte gemaach huet: sachlech, nuanciéiert an équilibréiert. Ech wëll och allen aneren Intervenante merci soen fir hire sachleche Beitrag, well mir kënnen dëse Projet bestëmmt nëmme léisen, andeem mer Argumenter austauschen, wou d'Sachlechkeet Virrang huet.

D'Zil vun enger Erzéiungspolitik muss sinn, d'Qualitéit vun der Schoul dauernd ze verbessern. Fir dat Zil ze erreechen, brauch ee verschidde Voraussetzungen: Programmer mussen selbstverständlech dauernd un d'Besoinen adaptéiert ginn, d'Infrastrukture mussen stëmmen, d'finanziell Mëttel mussen zur Verfügung stoen, an d'Qualitéit vum Enseignement muss garantéiert ginn. Jiddereen heibanen ass d'accord, dass d'Qualitéit vum Enseignement mat Sécherheet eppes ze dinn huet mat der Qualitéit vun den Enseignanten an domadder mat deenen hirer Ausbildung.

Leider muss een awer feststellen, dass mer en enormen Nohuelbedarf hunn u qualifizéiertem, gutt ausgebildetem

Personal. Et huet keen Zweck op d'Vergaangenheet zrëckzegräifen, mä ech wollt awer trotzdeem soen, wou menger Meenung no d'Ursaache leien, dass mer elo déi Pénurie hunn. Éischtens hate mer eng positiv demographesch Entwécklung. Mä, wann een déi elo kuckt, wëll ech drun erënneren, dass 1989 eng Etüd vun der Regierung gemaach ginn ass. D'Etüd „Prognose“ ass an Opdrag gi ginn. Dat war d'Prognose 2000 a se huet Folgendes festgehalten - ech zitieren: „Die Wohnbevölkerung wird bis zum Jahre 2000 um etwa 7.000 auf 376.500 anwachsen. Nach 2000 ist allerdings ein Bevölkerungsrückgang wahrscheinlich. Bis zum Jahr 2010 rechnen wir mit einer Bevölkerung von noch 374.000.“

Dat heescht 1989 ass eng Etüd gemaach ginn am Opdrag vun der Regierung, aus där ervirgung, dass mer am Joer 2000 376.500 Awiner hätten. Mir wëssen, dass déi do Etüd falsch war. Et ass och gesot ginn, dass dono d'Populatioun och nach liicht géif zrëckgoen, an dass mer am Joer 2010 zu 374.000 wieren. Mir wëssen elo, dass dat do och falsch ass. Domat wollt ech soen, dass et schwierig ass, a laangen Zäitraum awer Projectiounen ze maachen, mä dass ee sech dofir och Instrumenter gi muss, fir och kuerzfristeg Adaptatiounen virhuelen ze kënnen.

Éischtens also war d'demographesch Entwécklung vill méi positiv wéi mir gemengt hunn, an et ass net séier genuch drop reagiert ginn.

Zweetens war de Solde migratoire och positiv. Dat hat mat der Entwécklung vun der ekonomescher Situatioun ze dinn.

Drëtte Facteur, dee matgespillt huet, dass mer eng Pénurie hunn, ass déi restriktiv Recrutementspolitik, déi an den 80er Jore bedriwwen ginn ass. Et sinn zum Deel pro Joer nëmme 40 Leit am Institut pédagogique ugeholl ginn, an dann och nach mat Zouloosungskritären, wou Leit écartéiert si ginn, déi gären an den Enseignement gaange wäeren, mä déi déi Zäit weinst dem Numerus clausus net erakoumen.

Véiertens sinn Adaptatiounen vun der Tâche vun den Enseignantë virgeholl ginn, Enn der 80er Joren, soudass entweder hu misse vun deeneselwechten Iwwerstonne geleescht ginn, oder awer een op aner Intervenanten huet missen zrëckgräifen, fir dës Stonnen ze halen.

Fënneftens sinn d'Effectife vun de Klassen insgesamt erofgaangen, fir der Heterogenitéit vun der Schoulpopulatioun méi Rechnung ze droen. Wa manner Kanner an enger Klass sinn, mussen méi Klasse geschaf ginn, brauch ee méi Enseignanten.

E sechste Phenomeen, dee mer an deene leschte Jore constatéiere kënnen, ass, dass ëmmer méi Enseignanten haut mat 60 Joer schonn a Pensioun ginn. Dat war fréier net de Fall. Et ass verständlech, dass se dat maachen, mä dat war och net an de Calcul abezu ginn.

Siwents gëtt et ëmmer méi Enseignanten, déi op Congé d'éducation, op Mi-temps oder Congé sans solde zrëckgräifen. Duerch déi ëmmer méi zouhuelend Féminisation vun där Professiou wäert dat och nach ëmmer méi e grouse Rôle spillen.

Am Moment, wann een all déi Congéen, Congé de maternité, Congé pour travail à mi-temps, Congé sans solde zesummerechent an et transforméiert een déi Zomm a ganz Posten, da ginn dat 200 Posten. Do sinn also brevetéiert Leit, mä déi üben hire Beruff awer net ganz aus, oder nëmmen deelweis aus, soudass dat 200 Poste sinn.

Dat sinn déi siwe Punkten, déi dozou geféiert hunn, dass mer déi Pénurie vu brevetéiertem Léierpersonal hunn. D'Schoul hätt net kënnen fonctionnéieren, wa mer net op d'Chargés de cours zrëckgegraff hätten, all déi lescht Joren, an dat gëtt och vu kengem bezweifelt. Et gouf awer iwwerhaapt keng Regelung iwwert déi Chargés de cours, soudass mer hei eng Situatioun haten, déi auserne gewuess ass. Mir hate ganz verschidde Cas-de-figures, wat sécherlech net am Intérêt vun dem Enseignement selwer wor, och net am Intérêt vun de Leit an net am Intérêt vun de Kanner, wat dat Allerwichtigst ass.

Uganks den 90er Joren ass probéiert ginn, dat deelweis ze léise mat enger Mesure unique et transitoire. Or, et ass de Feeler gemaach ginn, dass gesot ginn ass, wa mer dat elo geléist hunn, dann ass de Problem fir éiweg geléist. Neen, deem ass net esou. Et wor déi Zäit verkannt, dass mer weider eng Evolutioun hätten an dass mer weider missten op Chargés de cours zrëckgräifen.

De Problem vun der Pénurie vu brevetéiertem Personal huet also mussen ugepaakt ginn. Gleeft mer, ech wosst, dass dat e waarmt Eise wier. Ech hätt jo weider kënnen soen, et si Gerichtsuerdeeler do, mech hannert Uerteeler verstoppen, mä ech wollt et upaken, well mir hunn et mussen upaken. An an der Politik gëllt et och waarm Eisen upaken. Ech hunn et gemaach, andeem ech Diskussioun mam Ministère de l'Intérieur hat, Diskussioun mat de verschiddene Syndikater, a jee nodeem wéi d'Situatioun wor, woren ënnerschiddlech Stellungnahmen ze gesinn.

A wann ech et fäerdeg bruecht hätt, en Text ze maachen, wou all Mënsch dermat zefridde gewiescht wier an dee fir déi nächst Zukunft alles géng léisen, ech wier dat éischt gewiescht, wat sech doriwwer gefreet hätt.

An der Politik ass et nun awer emol esou, wann een net direkt eng Léisung fënnt, déi all Mënsch gefällt, dann hëlt een entweder seng Responsabilitéit an et kuckt een en Text ze maachen, deen een en âme et conscience verteidegen a vertrieed kann, oder awer et probéiert een de Problem auszusetzen. Dat hei kann een awer net aussetzen, well soss gëtt et ëmmer méi schlëmm an dofir sinn ech dat do ugaangen.

Ech bedauern, dass dës ganz Problematik plazeweis a Schoulen dozou geféiert huet, dass e Climat de méfiance opkomm ass tëschent deene verschiddene Kategorië vun Enseignanten, déi brevetéiert géint d'Chargés de cours. Dat wor wierklech net gutt. Zum Gléck gëtt et awer eng ganz Partie Plazen, wou d'Leit weider ganz gutt zesumme schaffen, well déi eng kommen net ouni déi aner aus, an dat nach eng ganz laang Zäit net. Ech hoffen, dass wa mer dëse Projet de loi gestëmmt hunn, mer erëm Rou kréien. Et ass mir als Unterrichtsminister mat Sécherheet net dru geleeën, dass Oprou entsteet. Mir kënnen esou wéi d'Situatioun elo ass, dass mer keng gesetzlech Regelung hunn, net weiderfueren, well soss wüsst dat Ganz nach méi auserne an et gëtt ëmmer méi schwieereg eng Léisung ze fannen.

Dëse Projet regelt d'Situatioun vun enger ganzer Rei vu Chargés de cours. Déi Leit hu während enger laanger Zäit eng excellent Aarbecht geleescht. Dat ass net ze leegnen. Mä dëse Projet gesäit net vir, an ech wëll dat ënnersträichen, dass brevetéiert Léierpersonal vun haut oder vu muer géng op der Streck bleiwen. Et ass eng Rumeur, déi zirkuléiert, ech weess net mat wellecher Absicht, dass wann dëse Projet géng gestëmmt ginn, da kréige Leit, déi elo an der Ausbildung sinn, fir Schoulmeeschter oder Léierin ze ginn oder déi muer an der Ausbildung sinn, keng Plaz. Dat ass einfach net wouer, well dat steet net an dësem Projet de loi. An dësem Projet de loi steet ganz kloer an däitlech dran, dass an alle Fäll déi Brevetéiert e Virrecht hunn. Dat muss och esou sinn an dat entsprécht och engem Wonsch vun der Chamber. Dofir wollt ech dat nach eng Kéier ënnersträichen, well verschidde Leit, ech weess net mat wellecher Intentioun, ronderëm ginn a soen, et géng elo ëm d'Zukunft goe vun deenen, déi wëilten am Primaire Enseignant ginn. Dat ass einfach net wouer.

Dëse Projet, dee gesäit vir, dass mer de Brevetéierten ëmmer wäerten d'Prioritéit araumen. Verschidde Riedner hunn den Artikel 9 vum Gesetz zitéiert, esou dass ech net brauch dorop zrëckzekommen.

D'Intentioun ass jo, dass mer de Chargés de cours eng Formatioun ubidden, eppes wat se ëmmer gefrot hunn, wat hinnen awer leider refuséiert ginn ass, an dass wa se eng Formatioun maachen, se an eng Réserve nationale

kommen a se da vun där Réserve nationale op Plaze geschéckt ginn, wou Leit feelen. Mir kënnen dat regional opdeelen. Wa keng Aarbecht méi do ass, fir Couren ze halen, kënnen se fir administrativ Aarbechte gebraucht ginn. Datselwecht gëllt an de Gemengen.

Fir an de Genoss vun dësen Dispositiounen ze kommen, muss de Chargé de cours eng Formatioun maachen. Fir an d'Formatioun eranzekommen, muss en op d'mannst dräi Joer Chargé de cours gewiescht sinn an e muss de Premièresexamen hunn. Elo gëtt gesot, am Secondaire do wiere Chargés de cours, déi hätte kee Premièresexamen. Den Här Henckes huet dat zum Beispill gesot.

(Interruption)

E Meeschter am Elektreschen, deen huet de Premièresexamen net, well ech géing schlecht gesinn, wéi mer e Primeraner géingen hischécken, fir Elektriker auszubilden. Dat ass eppes, wat net geet. Mir hunn och esou fachspezifesch Ausbildungen am Secondaire technique an et ass klor, dass een do net kann an alle Fäll de Premièresexame virgesinn, wann et ëm berufflech Qualifikatiounen geet. Et kann een net alles matenee vermëschen.

Dass d'Gemeenge kënnen de Leit e Contrat de travail à durée indéterminée ginn, dat fannen ech nëmme richteg. Ech soe kënnen. Well bis elo wor et jo esou, dass eng Partie Chargés de cours beim Tribunal administratif geklot hunn a si krute Recht, dat heescht, d'Gemengen hu se missen astellen. Ënnert wellechem Statut, dat wor onklar. Wor et Employé privé oder Employé communal? Do gëtt et Differenzen. Den Employé privé auprès de l'Etat, wat den Här Henckes freet, wollt ech och nach soen an enger Klammer, dat gëtt et net. Et gëtt keen Employé privé beim Stat. Déi sinn Employés de l'Etat, wat eppes anescht ass wéi Employé privé.

(Interruption)

Entschëllegt, déi Debatt kënne mer ganz gären eng aner Kéier féieren. Et gëtt Employés de l'Etat a bei der Gemeng gëtt et en Employé communal an et gëtt fonctionnaires communaux.

Beim Stat gëtt et nëmmen zwou Kategoriën vu Leit. Déi eng sinn ënnert dem Statut vum Employé de l'Etat, dee sech zwar ulehnt um Employé privé, mä et ass keen Employé privé au service de l'Etat. Dat ass einfach net virgesinn an der Organisatioun vum Stat. Et gëtt e puer Ausnahmen, déi duerch d'Budgetgesetz geregelt sinn. Klammer zou.

D'Gemeenge kënnen deene Leit also e Contrat de travail à durée indéterminée ginn als Employé privé. A wann dat Gesetz hei gestëmmt gëtt, dann ass ganz klor, dass se Employés privés sinn an net Employés communaux, well do d'Gerichter a verschiddenen Affären anescht

geschwat hunn. All Cas de figure wor anescht. A fir opzehalen, dass déi Leit mussen individuell kloer goen an dass ëmmer déi Onsicherheit ass, wéi ass dann elo de Statut, an och d'Gemeenge wësse selwer net, wou se dru sinn, proposéieren ech dem Législateur ze definéieren, dass et Employés privés bei de Gemeenge sinn. Dass et eng Kann-Bestëmmung ass, schéngt mer och wichteg ze sinn, well et hëngt jo awer vun de Gemengen of, wéi si hir Schoul wëllen organiséieren.

Et gëtt esou vill vun Autonomie communale geschwat, da muss een de Gemengen och déi Autonomie communale loossen. Et gëtt eng ganz Partie Gemengen, déi wollt Contrats de travail à durée indéterminée ginn an do ass gesot ginn, dat geet net, well dat ass géint d'Schoulgesetz. Elo wëlle mer de Gemengen d'Méiglechkeet ginn, Leit mat esou engem Kontrakt anzustellen, elo gëtt gesot, dat geet net.

Et geet hei drëm, d'Schulgesetz an Aklank ze bréngen mat dem Gesetz vum Privatrecht a mat dem Gemeengesetz, wat net einfach ass, mä mir kënnen net auserneend rifte mat onser Gesetzgebung. Wa mer deen Artikel net géinge virgesinn, da wieren nach weider Leit, déi kloer géingen, a mir géinge se obligéieren ze kloer, fir bei de Gemengen agestallt ze ginn. Ech mengen, dat ass net e gudde Wee. Et gëtt da gesot, den Text wier vläicht acceptabel am Ganzen, mä d'Gemeenge géinge sech net un d'Gesetzesbestëmmungen halen.

Ech muss lech soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Chamber e Gesetz stëmmt, da muss sech jiddereen drun halen, den Individu an d'Institutiounen, well soss kann een och soen - an ech gesinn den Här Grethen -: et gëtt Leit, déi verstouss géint de Code de la route, dofir kënne mer awer net soen, elo schafe mer de Code de la route of. Dat si Saachen, déi net ginn. Mir hunn also eng Gesetzgebung an da mussen d'Leit sech dorun halen.

Et si ganz vill Gemeengevertrieder heibannen, et si ganz vill Vertrieder och vum Syvicol heibannen, an ech si gefrot gi vu verschiddenen Intervenanten, ob ech géing kontrolléieren loossen. Ech wäert selbstverständlech derfir suergen, dass d'Inspekteren dat mat op de Wee kréien, dass se kucken, dass dat an der Schoulorganisatioun klappt an dass d'Gemeenge sech drun halen.

Et gëtt gesot, d'Gemeenge géinge mauschelen. Si géinge fuddelen, mä da soll ee mer soe wou, an ech wäert derfir suergen, dass dat net méi geschitt. Et geet net, dass eng Institutioun sech net un d'Gesetzgebung hält, an et kann net en Argument sinn, fir géint e Gesetzesprojet ze goen. An da gëtt weider gesot, dat Gesetz féiert zu näischt, well jo keen do mat mécht, esou dass ech do wierklech géing en Appel maachen.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, ech wollt op déi Fro zrëckkommen, déi ech bei menger Interventioun virdrun un d'Mme Brasseur gestallt hat, an nofroen, ob d'Mme Brasseur eng Méiglechkeet gesäit fir de Fall, wou d'Gemengen trotz hirem gudde Wëllen, trotz dem gudde Wëlle vun den Inspekteren, sech net un déi Reglementatioun halen, an dat zum Beispill iwwert de Wee vun der Net-Indemniséierung vun där Part vun de Chargéen, déi d'Gemengen zegutt hunn. Ass dat eppes, wou ee kéint soen, do huet de Ministère nach en zousätzlecht Drockméttel, oder net?

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Wann d'Chamber mer seet, ech soll kontrolléieren, an dat schéngt hei e Konsens ze sinn, maachen ech dat selbstverständlech ganz gären.

Den Här Zanussi ass elo opgestanen, well d'Chamber dat esou gefrot huet. Dir wësst, dass ech ganz vill op Formen halen, well ech dat och wichteg fannen, an dofir wëll ech soen, dass den Här Zanussi a senger Ried e puer Wieder gebraucht huet, wou ech fannen, dass déi net op eng Chambertribün gehéieren.

(Interruption)

Dat hunn ech net matkritt. Den Här Fayot huet den Här Zanussi verbessert an den Här Garcia och. Ech hoffen, dass dat an der Rei ass.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mir dinn déi nächste Kéier sametten Händschen un.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer dësse Projet elo net hätten, wat wär d'Alternativ fir de Problem vun der Pénurie ze léisen? Menger Meenung no gëtt et do net vill Méiglechkeeten.

Éischtens, dass mer méi solle rekrutéieren. Jo, dat soll ee maachen. An de leschte Joren hu mer vill méi rekrutéiert, mä do brauch een awer Zäit, bis dat seng Auswirkung huet.

Dann ass hei ugeschnidde ginn, an dat hat ech och opgeworf, mir hunn eng Limite démographique. Onse Schoulsystem huet nun emol net méi Schoulofgänger an et ka jo net sinn, dass de System méi wéi d'Halschent vun deem, wat e produzéiert, selwer erëm brauch. Also sinn do Limité gesat a mir brauchen an der Zäitspann e Stéck bis déi Pénurie résorbéiert ass.

Den zweete Bildungswee ass ugeschwat ginn. Jo, et ass richtig, dass mer dat kënne maachen, mä dat ass och net fir direkt. Et ass och eng Motioun an deem Sënn agereecht ginn, wou ech mat der Zilsetzung d'accord sinn,

wou ech awer wëll soen, dass dat am Kader ass vun der Reform vum ISERP an dass een dat an deem Kader muss gesinn. Ech hat scho Gespréicher mat der Mme Hennicot, déi dat och esou gesäit, mä dat ass net fir haut a muer. Ech wëll lech och soen, dass wa mer e véiert Joer am ISERP unhänken, dass mer dann ee Joer net rekrutéieren, dat heescht, do kréie mer dann erëm e Mangel vun 150 bis 200 Leit, deemno wéi d'Forschett ass. Och dat muss ee wëssen.

Et kënnt een och op d'Iddi kommen a soen, elo gëtt d'Tâche vum Enseignant eropgesat. Menger Meenung no ass dat net dee richteg Wee, well d'Tâche vum Enseignant gëtt ëmmer méi schwierig duerch d'Heterogenitéit vun der Schoulpopulatioun.

Mir mussen ëmmer méi differenzéiert ënnerriichten, an et gëtt ëmmer méi schwierig. Dofir mengen ech, wier dat net de richteg Wee, well den Enseignant muss disponibel sinn fir de Schüler och ausserhalb vun der regulärer Unterrechtszäit. Mir musse vill méi Zäit hunn, fir dass sech insgesamt ëm d'Schüler gekëmmert gëtt, well Déficiëcen op anere Plaze sinn. Da kann een net soen: Da setzt d'Tâche erop, da gëtt de Problem doduerch geléist.

Et kéint een och soen, et sollt ee keng Déchargé ginn. Or, dat ass awer pacta sunt servanda, an dat kann een net réckgängig maachen.

Et kéint een och soen, et soll een déi Congée fir Travail à mi-temps net accordéieren.

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

Ech mengen, do wier keen hei an der Chamber domat d'accord op dee Wee ze goen, obwuel dat 200 Poste sinn, 200 Posten, déi awer opgehalen musse ginn fir déi Leit, well déi Leit e Recht hunn, erëm op hire Posten zrëckzekommen, wann dann hire Congé d'éducation oder Congé pour travail à mi-temps ophält.

Et kéint een och, sechstens, soen, lo setze mer d'Klassen-effectif an d'Luucht. Och dat, mengen ech, wier net an déi richteg Richtung gaangen, well mer esou eng heterogen Populatioun hunn, a well mer musse vill méi differenzéiert drun erugeen.

Siwentens kéint een och Net-Lëtzebuerger astellen. Déi Méiglechkeet besteet jo a sech, mä et muss een awer, besonnesch am Primaire - am Postprimaire ass et och wichteg, awer am Primaire nach vill méi -, d'Lëtzebuerger Sprooch kënne, well dat d'Integratiounssprooch ass. Ech ka mer net virstellen, dass Net-Lëtzebuerger hei erakomme géifen. Mir hunn der schonn, déi aus der Neibelsch kommen a Lëtzebuergesch schwätzen. Do ass kee Problem, déi an onse Schoulsystem ze integréieren, mä Auslänner, déi d'Lëtzebuerger Sprooch, Däitsch a

Franséisch net beherrschen, kënnen mer net an onsen Enseignement primaire eranhuelen, well dat d'Base dovunner ass. Soudatt och dat net e Wee ass, fir kuerz-fristeg ze rekrutéieren. Mir brauchen also d'Chargés de cours, well d'Rechnung soss net opgeet.

D'Fro stellt sech dann, wéi vill där Chargés de cours mer da mussen hunn. Et ass net einfach dat ze soen, well een ëmmer virsücht mat den Zuele muss sinn. Ech wollt awer soen, dass an der Kommissioun Zuele genannt gi sinn. Jo, mir hätten dat um schrëftleche Wee maache kënnen. Ech entschëllege mech dann, dass d'Kommissioun déi net schrëftlech krut. De Gros vun den Zuele steet awer am Exposé des motifs an et si verschidden Deputéierten, déi déi Zuelen hei explizéiert hunn, wéi beispillsweis den Här Helminger dat a senger Interventioun gemaach huet.

Am Moment ginn et ronn 900 net brevetéiert Enseignanten am Préscolaire an am Primaire. Dat mécht am ganze 550 Full-Time-Posten aus, well et der jo ganz vill sinn, déi nëmmen e puer Stonne schaffen an och net éiweg agestallt wëlle ginn. Dat ass eng aner Kategorie. Mä et sinn 550 voll Posten, déi net vu Brevetéierter besat sinn.

Et ass wouer, dass am Préscolaire d'Pénurie geschwé résorbiert ass - eppes, wat ech och scho virun enger Zäit hei gesot hunn -, mä dass dat am Primaire nach laang net de Fall ass. Mir hu 50 bis 60 zousätzlech Klassen, déi mer an deene leschte Jore geschaaft hunn, an och elo au vu vun der Evolutioun vun der Kannerzuel nach musse schafen. Et gi 70 Leit ongeféier pro Joer a Pensioun an deenen nächste Joren. Mir wëlle méi differenzéiert Unterrecht halen. Mir hunn och nach den Team-teaching. Dat heescht, datt mer 130 bis 140 Poste brauche fir eleng dat opzefänken, fir 50 bis 60 nei Klassen ze schafen, fir méi differenzéiert ze ënnerriichten, a fir d'Départs à la retraite opzefänken. Wa mer 200 Leit rekrutéiere pro Joer, hu mer dann awer just e Surplus vu 50 bis 60 Leit pro Joer; mir brauchen der awer 550.

Dir gesitt also, dass mer déi Chargés de cours brauchen, a mir mussen och Chargés de cours hunn, déi net voll Tâchen ëmmer ausüben, well eng Tâche vun engem Enseignant entsprécht jo net ëmmer grad deem, wat an enger Klass enseignéiert gëtt u Stonnen.

Ech hunn dëser Deeg an der Press gelies an ech soen dat hei ënnert dem Contrôle vun all deenen, déi an der Stad Lëtzebuerg Responsabilitéiten hunn. Et stung do: „Nur fünf Kandidaten für 150 Posten!“ Dat war just an deem Moment, wou d'Diskussioun war, dass mer op eemol keng Plaz méi hätte fir déi Brevetéiert. Ech ginn dovun aus, dass dat, wat am Tageblatt stung, richteg war, dass

op der 1. Lëscht fir agestallt ze ginn an der Stad Lëtzebuerg op 150 Posten nëmme fënnef Kandidate waren. Och dat weist vun der Praxis erëm, dass mer wierklech vill Leit brauchen.

Dëse Projet huet mat Sécherheet net d'Prétentioun - dat ass och vu verschiddene Riedner ervirgestrach ginn -, all Problemer ze léisen. Ech si mat dësem Projet an d'Kommissioun gaangen, fir en ze présentéieren. Ech hu bei der Présentatioun am Januar gesot: Wann d'Deputéierten Iddien hätten, wat een nach kéint hei oder do verbessern, kéint een dat maachen, an et soll ee sech dat duerch de Kapp goe loossen. Mir hunn op den Avis vum Conseil d'Etat gewaart. Dee koom dunn. Et ass mer awer dru geleeën, dass mer dat heie lo votéiert kréien, dass d'Gemengen och wëssen, wou se dru sinn, mat den Astellungen. Wa mer dat elo net votéieren, dann dauert et erëm e Joer, an d'Gemeenge wëssen net, wou se dru sinn, an de Problem gëtt ëmmer méi grouss. Dofir, mengen ech, wier et gutt, wa mer dat hei elo géinge stëmmen.

Et sinn eng ganz Partie Froe gestallt ginn. Ech mengen, ech hätt elo a menger Interventioun drop geäntwert. Ech wëll lech just nach d'Positioun zu de verschiddene Motiounen soen. Déi éischt Motioun, déi vum Här Zanussi déposéiert ginn ass, freet eng Formation en cours d'emploi beim ISERP. Den ISERP soll reforméiert ginn. Et ass an deem Kader ze gesinn, soudass ech awer net mengen, dass dat elo soll am ISERP geschéien, mä dass mer solle vun där Reform profitéieren, soudass ech mengen, déi hei net kënnen unzehuelen, well een dat am Moment net esou kann duerchzéien, mä dat soll am Kader vun der Reforme vum ISERP duerchgeholl ginn.

Da gëtt och an enger zweeter Motioun vum Här Zanussi gefrot, datt all Chargés de cours, déi d'Conditions d'admissibilité à la formation prévues par l'article 1er du projet de loi erfëllen, fir d'Formation ugeholl ginn. Ech muss lech soen, all Joers gëtt d'Zuel vun de Leit, déi mer iwwerhaapt an dee Pool eranhuelen, vum Budgetsgesetz fixéiert. Déi éischt, déi mer elo eranhuelen an d'Formatioun, wäerten zu 100 sinn. Ech hale vun der Planwirtschaft net vill. Duerch d'Budgetsgesetz, dat jo hier an d'Chamber kënnt, kann d'Chamber selwer d'Zuel fixéieren, an déi kënne mer dann all Joer adaptéieren. Wa mer soen, mir géinge se all eranhuelen, da schéngt mir iwwert d'Zil erausgeschoss ze ginn. Souwisou muss ech lech soen, si mer net capabel, an et muss een och gesinn, wou engem seng eege Limitë sinn, lo jiddferen an e Cours eranzehuelen. Och dat muss uerdentlech organiséiert ginn. Aus deenen Ursaache wollt ech der Chamber proposéieren, och déi Motioun ofzelehnen.

Déi drëtt Motioun ass vum Här Garcia, dee freet, ob een net soll d'Affectatioun vu Posten national virgesinn, an net méi op communale Plang. Dat ass eng Diskussioun, déi ee féiere muss, am Kader vun der Kompetenzopdeeling tëscht dem Stat an de Gemengen. Dat geet also wäit iwwer dës Kader eraus. Hei géif ee just ee Stéck aus der kommunaler Kompetenz, wat d'Schoulen ubelaangt, erauspicken. Dat ass, mengen ech, e geféierleche Wee. Dofir géif ech der Chamber och proposéieren, déi Motioun ofzelehnen.

Déi véiert Motioun betrëfft och eng zweet Voie de formation. Si ass am Wording e bëssen anescht wéi déi vum Här Zanussi, ass awer, wat d'Zilsetzung ubelaangt, d'selwecht, soudass do déiselwecht Argumenter gëllen.

Ech hunn dann nach en Amendement virleie vun der sozialistescher Fraktioun an nach ee vum Här Bisdorff. Den Amendement vun de Sozialiste seet, et soll een den Artikel 16 neifaassen, andeem een de Leit, déi als Chargés de cours schaffen, eng Prioritéit gëtt, fir Posten an enger anerer Gemeng ze besetzen. Menger Meenung no geet dat net. Mir sinn hei am Privatrecht, an do kann ee keng Prioritéit araumen. Wann een am Secteur financier - beispillsweis - an enger Bank säi Kontrakt résiliéiert kritt, kann een net am Secteur financier eng Prioritéit hunn, fir an enger anerer Bank agestellt ze ginn. Menger Meenung no geet dat net. Hei si mer am Aarbechtsrecht. Den Artikel 16 awer ofzeschaffen ass och keng gutt Iddi. E gëtt awer enger Partie Leit d'Méiglechkeet op en zrëckzegräifen an e gëtt och de Gemengen d'Méiglechkeet hirem Besoin no ze steieren. Dofir géing ech lech bieden den deen do Amendement ofzelehnen.

Den Här Bisdorff freet: „engager pour une durée indéterminée sous le statut de l'employé communal les chargés de cours qui ont été en service depuis au moins trois ans durant les cinq dernières années. Les chargés de cours engagés par les communes conformément aux dispositions ci-dessus ne peuvent être chargés de remplacement dans l'éducation préscolaire ou dans l'enseignement primaire que dans le respect...”

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

...des dispositions de l'article 9.“ Ech muss lech soen, ech sinn net der Meenung, dass dat Employé-communal solle sinn, well awer nach en Ënnerscheid gemaach muss ginn tëschent brevetéiertem Personal, dat Fonctionnaire ass, mat all deem, wat dat comportéiert, an den Employés privés au service de la commune. Dat ass e Choix politique, effektiv, den een trëfft. Ech gi meng Préférence fir d'Employés privés, soudass ech och géing bieden, den Amendement vum Här Bisdorff ofzelehnen.

Als Konklusioun, Här President, wëll ech den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics virlesen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, wou jo awer Leit aus dem öffentliche Secteur dra sinn, seet an hirem Avis vum 6. März 2002 Folgendes: „La Chambre des Fonctionnaires et Employés publics estime que les dispositions résumées ci-dessus forment un ensemble cohérent et équilibré dont la rapide mise en place est indispensable dans l'intérêt de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire. Les priorités et les conditions de rémunération fixées respectent tous les droits acquis ou en formation des personnels en place.“ E bessere Résumé vun deene ganzen Dispositiounen, déi ech proposéiert hunn, kéint ech net a mengen eegene Wieder maachen. Dofir géif ech bieden, och hei den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ze suivéieren.

Domat soen ech lech merci an hoffen, dass mer e Schrëtt gemaach hunn, fir d'Schoul besser ze organiséieren, an dat am Intérêt vun de Kanner, well em déi geet et.

Merci villmools!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4893 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 8 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 9 ass gelies.

Zum Artikel 9 ass en Amendement vum Här Aloyse Bisdorff abruecht ginn. Den Amendement läit textuell vir, d'Mme Minister huet Stellung dozou geholl a mir kënnen direkt iwwer den Amendement ofstëmmen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech géif awer mengen, dass mer dem Här Bisdorff säi leschten Amendement fairerweis sollte stëmmen.

Une voix.- Jo.

(Hilarité)

M. le Président.- Mir stëmmen elo of. E Vote électronique ass verlaangt.

Amendement 2 (article 9)

Vote

Déi fir den Amendement sinn, stëmme mat Jo.

Déi dergéint sinn, mat Nee.

Une voix.- Den Här Bisdorff ass schonn esou dacks erëmmkomm, dee kënnt och nach eng Kéier erëm.

(Hilarité)

Den Amendement vum Här Bisdorff ass ofgelehnt mat 41 Nee-Stëmmen an 19 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jean Colombero), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Domat ass den Artikel 9 an där Fassung ugeholl, wéi e vun der Kommissioun proposéiert ginn ass.

Mir fueren da weider.

D'Artikelen 10 bis 15 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 16 ass gelies.

Beim Artikel 16 läit en Amendement vir vum Här Zanussi. Deen Amendement läit jiddferengem schrëftlech vir. D'Regierung huet dozou Stellung geholl, sou dass mer direkt kënnen ofstëmmen.

Amendement 1 (article 16)

Vote

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo.

Déi dergéint sinn, stëmme mat Nee.

Den Amendement vum Här Zanussi ass verworf mat 34 Nee- a 26 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes,

Aly Jaerling (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Et läit nach een Amendement zum selwechten Artikel vir vum Här Aloyse Bisdorff. Mir stëmmen och iwwert deen of.

Amendement 2 (article 16)

Vote

Wien dofir ass, stëmmt mat Jo.

Wien dergéint ass, stëmmt mat Nee.

Den Amendement vum Här Bisdorff ass ofgelehnt mat 56 Nee-Stëmmen, enger Jo-Stëmm an enger Abstentioun.

A voté oui: M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Jos Scheuer.

Domat wier den Artikel 16 an där Form ugeholl, wéi e vun der Kommissioun proposéiert a vun der Mme Rapporteur virgedroe ginn ass.

D'Artikele 17 bis 19 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert d'Gesetz a senger Gesamtheit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, an déi dergéint sinn, mat Nee.

D'Gesetz ass ugeholl mat 33 Jo-Stëmmen, 19 Nee-Stëmmen an 8 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

Se sont abstenus: M. Willy Bourg;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Jean Colombero;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zu de Motiounen. Do hu mer fir d'éischt d'Motioun 1 vum Här Zanussi, déi eis schrëftlech virläit a wou Der och d'Stellung vun der Regierung héieren hutt.

Motion 1

Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun vum Här Zanussi.

Ass e Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Vote

Déi fir d'Motioun vum Här Zanussi sinn, stëmme mat Jo; déi dergéint sinn, mat Nee.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 34 Nee-Stëmmen a 26 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Motion 2

Da komme mer zur Motioun 2 och vum Här Marc Zanussi.

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 2.

Vote

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo; déi dergéint sinn, mat Nee.

D'Motioun 2 vum Här Zanussi ass verworf mat 34 Nee-a 26 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot

Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jean-Pierre Koepp);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippering, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Motion 3

Da kéime mer zur Motioun 3 vum Här Robert Garcia.

Vote

Déi fir d'Motioun vum Här Garcia sinn, stëmme mat Jo.

Déi dergéint sinn, stëmme mat Nee.

D'Motioun 3 vum Här Garcia ass ofgelehnt mat 39 Nee-Stëmmen, 8 Jo-Stëmmen an 13 Abstentionen.

Ont voté oui: Mmes Mady Delvaux-Stehres et Lydie Err;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippering, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jean Colombera), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

Se sont abstenus: M. Marco Schank;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

M. Jean Colombera.

Motion 4

Da kéime mer zur Motioun 4 och vum Här Robert Garcia.

Vote

Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 4 vum Här Garcia.

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo.

Déi dergéint sinn, stëmme mat Nee.

D'Motioun ass verworf mat 34 Nee- a 26 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippering, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Domat wier dee Punkt ofgeschloss.

Mir kéimen dann elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, dat sinn d'Naturalisationen.

Fir d'Naturalisatioun muss ech de Huis clos ausschwätzen.

7. Demandes en naturalisation

De Huis clos ass heimat ausgesprach.

* * *

Mir huelen déi öffentlech Sëtzung erëm op.

D'Chamber ass mat véier Demandes en naturalisation saiséiert ginn. Si huet an hirer net öffentlecher Sitzung dräi Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl; eng Demande ass refuséiert ginn.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 19 juin 2002

1. DE LHONEUX Etienne Jean Paul Bernard Marie Joseph Ghislain, né le 31 août 1950 à Namur (Belgique), demeurant à Luxembourg

2. PANA Mihaela Ecaterina Elena, née le 21 mai 1963 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Eischen

3. VANATORU Anica, née le 6 septembre 1928 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Echternach

Dir Dammen an Dir Hären, domat wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung gëtt schrëftlech convoquéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.33 heures)